N°1156
Entrée le 04.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°1156 vum 9. September 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

1) **Kann de Minister dëse neie Modell vun der finanzieller Ënnerstëtzung vun de Fraise fir d'Paien an d'Indemniséierung vum administrativen an technesche Personal am Detail präziséieren?**

Déi finanziell Ënnerstëtzung fir d'Verbänn gëtt a bilaterale Gespréicher mat de Sportverbänn erkläert. Hei geet et virun allem em eng Erhéigung vun de Plafond'e fir dat administrativt an technescht Personal. Dës Plafond'e si gestaffelt no Qualifikatioun an Anciennetéit.

2) **Mécht den neie Modell een Ënnerscheed tëscht dem administrativen an dem technesche Personal vun de Sportverbänn? Wann jo, a wéi fern?**

Esou wéi schonn a menger Äntwert op d'QP n°816 präziséiert, berécksiichtegt déi finanziell Partizipatioun un de Personalkäschte vun de Sportsfederatiounen d'Qualifikatioun vum administrativen an technesche Personal.

3) **Wat erwaart sech de Minister mëtte-l a laangfristeg vun dësem neie Modell?**

Duerch déi zousätzlech finanziell Ënnerstetzung wäerten d'Federatiounen sech an Zukunft nach besser, souwuel op administrativem wéi och op techneschem Plang, opstelle kënnen an esou e verbesserten Encadrement vum Competitiounssport garantéieren.

4) **Gëtt et dozou een Avis vum Conseil supérieur des Sports?**

Nee.

5) **Ass den COSL an dës Iwwerleeunge mat agebonne ginn?**

De Sportsministère ass de laangjärege Fuerderungen vum Mouvement sportif nokomm an huet d'Sportverbänn attraktiv gemaach fir professionellt Personal anzestellen an huet de C.O.S.L. doriwwer informéiert.

6) **Ginn dann och déi scho säit laangem net méi aktualiséiert an awer nach besteeënd Kontrakter mat de Sportverbänn ab Oktober ugepasst, fir de Verbänn déi néideg Planungssécherheet ze ginn? Wa jo, wéi kann een sech dann den Decompte vum Joer 2024 virstellen, mat 9 Méint besteeëndem Modell an 3 Méint neiem Modell?**

Jo. Déi finanziell Partizipatioun gëtt pro rata gerechent.

7) **Wär et net fir all Bedeelegt méi einfach gewiescht den neie Modell den 1. Januar 2025 ulafen ze loossen, wuel wëssend, dass d'Paiementer vum Exercice 2024 neierdéngs schonn den 31. Januar 2025 mussen ofgeschloss sinn?**

Fir eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht kënnen ze leeschte, sinn d'Federatiounen op qualifizéiert Personal ugewisen. Och den administrativen Opwand gëtt ëmmer méi grouss. Doduerch ass et wichteg d'Federatiounen sou fréi wéi méiglech mat zousätzleche Mëttel z'ënnerstetzen.

8) **Hëlt de Sportsministère déi néideg Precautiounen, fir dass d'Sportverbänn hir Sue vum Decompte 2024 mat Zäite kréien?**

Esou wéi meng Servicer dëst och an der Vergaangenheet ëmmer gemaach hunn, wäerte si alles drusetzen fir de Federatiounen, soubal hieren Decompte eragereecht ass, déi fälleg Montanten sou séier wéi méiglech z'iwwerweisen.

9) **Huet de Sportsministère de finanziellen Impakt vun dësem neie Modell fir déi verschidde Sportfederatiounen evaluéiert ? Besteet de Risiko, dass eng Federatioun mat dëse neie Krittären eventuell eng manner héich finanziell Ënnerstëtzung kritt obwuel d'Käschten nach ëmmer déi selwecht sinn? Gesäit de neie Modell do Iwwergangsbestëmmunge vir?**

Den neie Modell féiert dozou datt elo Anciennetéit a Qualifikatioun berücksichtegt ginn, sou dass eventuell verschidde Subsiden ënner dem ale Barème vu 85 000 EUR kéinte leien. Am Prinzip kréien all d'Federatiounen doduerch awer méi Subsiden.

10) **Stëmmt et, dass mam neie Modell net méi de Sportsministère selwer, mee den INAPS déi administrativ Ofwécklung vun der finanzieller Participatioun vum Staat un de Gehaltskäschten vun de Sportverbänn wäert iwwerhuelen?**

Nee.

11) **Wann jo, wou ass dëst an de gesetzleche Missioune vum INAPS virgesinn?**

**Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo